N°1805
Entrée le 17.02.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Aussenugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel an vun der Verdeedegungsministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro N°1805 vum 21. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**Ad 1)**

Lëtzebuerg sprécht sech net géint eng NATO-Memberschaft vun der Ukrain aus. Wéi um NATO Sommet zu Washington am Juli 2024 festgehalen, gëtt de Wee vun der Ukrain zur NATO-Memberschaft als irreversibel ugesinn. Aktuell sinn weder d'Konditioune fir de Bäitrëtt vun der Ukrain erfëllt nach e Konsens tëscht den Alliéierten erreecht.

**Ad 2)**

Parallel zu engem NATO Bäitrëtt gëtt och den Bäitrëtt zu der EU als wichtegen zukünftegen Schrëtt gesinn, fir d'Sécherheet vun der Ukrain op Dauer ze garantéieren. Lëtzebuerg schafft am Kader vun der EU aktiv mat der Ukrain zesummen fir dem Land ze erméiglechen, d'Bäitrëttskrittäre ze erfëllen.

**Ad 3)**

D'Lëtzebuerger Positioun huet sech net geännert.

**Ad 4)**

D'potentiell NATO-Memberschaft vun der Ukrain gëtt reegelméisseg mat eisen europäeschen an amerikaneschen Partneren, souwéi mat der Ukrain selwer, beschwat. Eis lafend materiell a finanziell Ënnerstëtzung vun der Ukrain an senger Verteidegung géint den Russeschen Aggressiounskrich bleift eis absolut Prioritéit.

**Ad 5)**

Wéi am Schluss-Communiqué vum Vilnius-Sommet vu Juli 2023 festgehal gouf, wäert d'Ukrain der NATO bäitrieden, wann '"d'*Alliéiert et decidéiert hunn an d'Bedéngungen erfëllt sinn"*.

Lëtzebuerg, den 14 Februar 2025

De Minister fir auswäerteg
Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel